



ACEL

de Studentevertrieeder

Lëtzebuerg, den 3. Dezember 2015

Erhéijung vun de Studiebäihëllefen

Säit September 2014 ass dat neit Gesetz iwwert d'Studiebäihëllefen a Kraaft. Ufank 2015 ass dunn eng Ëmfro vum Ministère an Zesummenaarbecht mat deenen anere Jugendorganisatiounen an der ACEL duerchgefouert ginn. Dëst, fir ze kucken ob, a wann jo wou, d'Gesetz muss nogebessert ginn. Am Avis vum September 2015 huet d'ACEL kloer duergeluecht dass d'Gesetz muss a verschiddene Punkten ugepasst ginn.

Des Fuerderunge goufen a verschiddene Seancë dem Staatssekretär Marc Hansen virgedroen an diskutéiert. Wéi de Ministère sech bereet erklärt huet Upassungen um aktuelle Gesetz virzehuele gouf och konkret iwwert d'Ëmsetzung vun de Modifikatiounen diskutéiert. Schlussendlech konnte béid Acteuren sech op eng Rei Mesuren eenegen déi an enger "Déclaration d'Intention" festgehale goufen an opgrond vun där de Ministère en Projet de Loi ausschaffe wäert.

Folgend Verännerunge vun der Bourse sollten deemno bis d'Rentrée vum akademesche Joer 2016/17 ëmgesat ginn:

- D'Bourse de base an d'Bourse familiale bleiwen onverännert;
- De Remboursement vun den Aschreiwungsfraise bleift onverännert;
- D'Bourse de mobilité gëtt em 450.- € (22,5%) op 2450.- € erhéicht;
- D'Bourse sociale gëtt no folgendem Tableau erhéicht:

Bourse sociale X = revenu total imposable	Montant actuel [€]	Montant actuel [€]	Augmentation [%]
X < 1 SSM	3000	3800	26.7
1 SSM < X < 1.5 SSM	2600	3200	23.1
1.5 SSM < X < 2 SSM	2200	2650	20.5
2 SSM < X < 2.5 SSM	1800	2150	19.4
2.5 SSM < X < 3 SSM	1400	1650	17.9
3 SSM < X < 3.5 SSM	1000	1150	15.0
3.5 SSM < X < 4.5 SSM	500	550	10.0

De maximale Montant vum zousätzleche Prêt, deen ee kritt wann een d'Bourse sociale net oder net ganz kritt, gëtt op 3800.-€ erhéicht fir sech dem neie Maximalmontant vun der Bourse sociale unzepassen.



Association des Cercles d'Etudiants Luxembourgeois

BP 63 | L-7201 Bereldange
87, route de Thionville | L-2611 Luxembourg

contact@acel.lu | www.acel.lu
+352 691 420 538 / 539 / 540

BCEE LU56 0019 2100 0834 4000
CCPL LU94 1111 0915 5887 0000

RCS Luxembourg F969



SPUERKEESS

Mat dëse Modifikatioune kréie virun allem Studenten aus akommeschwache Famille gehollef. Doduerch datt d'Bourse de mobilité substantiell gehuewe gëtt, spillt och dësen immens wichtege Aspekt vun der lëtzebuerger Studentekultur weiderhin eng grouss Roll. D'Zesummespill vun dësen zwou Erhéijungen erlaabt et eng ganz Rei Ongerechtegkeeten, déi aus der Ëmfro ervirgaange sinn, ze bekämpfen. Esou huet ee Student, deem säin Haushalt e niddregt Akommes huet, an awer an d'Ausland studéiere geet mat dëse Modifikatiounen 1250.- € méi d'Joer zur Verfügung. Dat si jee no Staat ëm déi véier Loyerer. Eng vun eisen Haaptfuerderunge war eng Erhéijung vun der Bourse familiale. Des Fuerderung krute mir esou net duerchgesat, allerdéngs si mir zouversichtlech, dass déi kumulativ Natur vun den Erhéijunge besonnesch bei méi niddregen Akommen en ähnlechen Effekt wärt hunn.

D'ACEL ass zefridden, dass een a konstruktive Verhandlungen eng Verbesserung fir d'Studenten erreeche konnt an hofft, dass an dësem Dialog ka weider geschafft ginn. Besonnesch datt mir vum Ministère scho virum Opsetze vun engem Projet de Loi consultéiert goufen huet et erméiglecht méi efficace zesummenzeschaffen. Och weise mir eis zouversichtlech dass de Projet de Loi fir d'akademescht Joer 2016/2017 a Kraaft triede kann.

Contact:

Laurent Cattarinussi
Vice-Président Représentation
+ 352 661 420 542